

INSCRIPTIONS AUX COURS DE MUSIQUE DE LA COMMUNE DE STEINFORT 2021/2022



Union
Grand-Duc
Adolphe



Ecole de Musique
Museksschoul Westen



COMMUNE DE
STEINFORT



VIRWUERT

Léif Elteren, léif Schüler/innen,

Säit méi wéi 20 Joer organiséiert d'Gemeng Stengefort elo schonns an Zesummenaarbecht mat der UGDA Solfège-, Instrumenten- a Gesankscourse fir hir Awunner.

Obwuel datt lescht Joer aussergewéinlech war an de Gros vun de Musekskursen net a senger gewinnter Form konnt stattfannen, hate sech awer 115 Schüler an deene verschiddene Coursen ageschriwwen.

An dësem Museksbuert fannt dir ee klenge Réckbléck vun eise Schüler/innen an der Hunneg-Strépp op dat lescht speziell Joer souwéi och ee QR-Code via deen dir iech kënnt d'Presentatioun vun deene verschiddenen Instrumenter/Chargé ukucken.

Dësweidere stelle sech déi zwee lokal Museksveräiner an d'Kannerchorale „Péckvillercher“ vir.

Nieft all dësen Informatiounen fannt dir awer och d'Umeldungsförmulaire fir d'Musekskursen 2021/2022.

Fir eis Gemeng ass d'Danielle Thill als lokal Responsabel zoustänneg fir d'Äschreiwungen. Wann dir Froen hutt, zéckt net si ze kontaktéieren. Mir soen hir op dëser Plaz villmools Merci fir hiert Engagement.

De Schäfferot.

PRÉFACE

Chers parents, chers élèves,

Depuis plus de 20 ans, la commune de Steinfort organise en collaboration avec l'école de musique de l'UGDA des cours de solfège, d'instrument et de chant pour ses habitants.

Malgré cette année exceptionnelle, où la plupart des cours a dû avoir lieu digitalement, pas moins que 115 élèves étaient inscrits dans un des cours proposés.

Dans cette brochure vous trouvez des rétrospectives de nos élèves et de la Hunneg-Strépp sur cette dernière année très spéciale ainsi qu'un code QR par lequel vous pouvez consulter la présentation des instruments/chargées de cours.


De plus nous vous présentons les deux associations locales de musique et la chorale enfantine « Péckvillercher ».

A côté de toutes ces informations vous trouvez les formulaires d'inscription pour les cours de musique 2021/2022.

La responsable locale pour la commune de Steinfort et donc en charge des inscriptions est Madame Danielle Thill. En cas de questions n'hésitez pas à la contacter. Nous la remercions vivement de son engagement.

Le Collège des bourgmestre et échevins.





MISE À DISPOSITION D'UN INSTRUMENT POUR LES COURS DE MUSIQUE DE L'ÉCOLE DE L'UGDA


Les instruments à vent (flûte traversière, hautbois, clarinette, saxophone, trompette/bugle/cornet, cor en fa, cor / alto mib, baryton, tuba, trombone, basse mib/sib) seront mis à disposition de l'élève par la "**Stengeforter Musek**" respectivement par l'**Harmonie Kleinbettingen**. En conséquence, l'élève sera inscrit d'office en tant que membre à la société en question. Cette mise à disposition de l'instrument est subordonnée au paiement d'une caution remboursable au plus tôt après 3 ans¹ et le cas échéant d'une taxe de location à la société qui est propriétaire de l'instrument.

Personnes de contact:

- **Stengeforter Musek: M. Roland LINSTER, secrétaire,**
mail: stengefortermusek@gmail.com, M.: 691 370 744
- **Harmonie Kleinbettingen: M. Nico Kaufmann, président,**
mail: kaufmann@pt.lu, M.: 691 432 330



¹ Sous condition que l'élève participe activement aux répétitions de l'ensemble des jeunes respectivement du grand orchestre de la société concernée à partir de la 3e année de formation instrumentale.



Danielle Thill
Lokal Responsabel
Responsable local



danieth@pt.lu
GSM: 691 39 51 60



HAUTBOIS PATTY KOHNKOW

Mäin Numm ass Patty Corsi-Kohnkow. Ech hu 50 Joer an hunn am September 2020 mam Hautbois ugefaangen. Dëst Instrument hunn ech op engem Concert héieren an et war ee Coup de Coeur. Am Solfège Adulte hunn ech dunn nogefrot, de Buedem bëssi ofgetaascht op dat Instrument dann dat richtegt wier fir mech. D'Mme huet mir erkläert ech misst dat probéieren, awer vun hier aus wier dat machbar. Also hunn ech mech bei der UGDA ugemellt am Cours Adulte, angouf och ugeholl. Ech si richteg begeeschtert a jo, den Hautbois ass mäin Instrument. Ech üben immens gären, an ech sinn happy dass ech souguer richteg Téin eraus kréien. Musek maachen ass ëmmer flott, mee an dëser Zäit nach vill méi. Musek bréngt een no engem laangen an haarden Dag op der Aarbecht an eng aner magesch Welt. Si verwandelt een an een anere Mënsch. Ech ka just ee grouse MERCI soen dass ech als Erwuessenen d'Chance kréien eppes Neies ze léieren. Villmools Merci.



Mir freeën ons erëm op den Dag wou mir all gemeinsam kënnen an d'Prouf vun der Musek goen. Dofir si mir fläisseg an ons Course gaangen fir dass mir net alles vergiessen. Well nëmmen zesumme mat deenen anere Musikante mécht d'Musek och wierklech Spaass.

EUPHONIUM
SONJA WAGENER-MEYERS

SAXOPHON ALTO
NICOLAS WAGENER

TENOR TROMBONE
PATRICK WAGENER



BATTERIE DIMA SACRÉ

Ech spille gäre Batterie well et ganz vill Spaass mécht a vill Freed mécht.

Ech konzentréiere mech op meng Batterie. Ech maachen och Fitnessübungen an och z.B. Trommelplus oder Taktzalot. Ech spillen och nach Doheem bei menger Mamma eng hallef Stonn laang.

Ech sinn och frou fir Perkussioun ze spillen zu Stengefort. Ech spillen och mat Musek dobäi wei z.B. AC/DC oder Queen.

Ech ginn all Dënschden an de Cours, mee mam Corona do ass et schwéier, well mir ëmmer eng Mask undoe sollen an och 2 Meter Distanz halen sollen.

SAXOPHONE SACHA SACRÉ

J'aime bien mon saxophone parce qu'il a un joli son.

Cet instrument est un instrument à vent. Il me plait aussi beaucoup parce qu'il est en métal bizarre, couleur or. Souvent j'ai des problèmes pour sortir les notes mais elles finissent par sortir avec l'entraînement! Il est pratique à monter et à transporter.

J'aime venir au cours, on s'amuse, on rigole et on apprend. Avec le Corona on ne peut plus faire ce que j'aimais faire le plus: c'était des duos.

Je suis en train de jouer des chansons de Disney. Par exemple: « stop ,look and listen ».



SAXOPHON JULIE CIGRANG

Mäin Numm ass Julie Cigrang an ech hunn 12 Joer. Ech spille säit véier Joer Saxophon a ginn all Méinde bei d'Virginie Rase an de Cours.

Natierlech hunn ech vill missten üben an där Zäit fir weider ze kommen a menger Proff ze weisen dass ech Fläiss an Éiergäiz hunn. Meng Motivatioune fir ze übe sinn, dass ech weider kommen a gutt ginn, fir esou och méi schwéier a méi schéi Lidder spillen ze kennen. Ech ginn och an d'Stengeforter Musek wou ech puermol an der Woch och doheem übe muss a kucke muss, wat ech nach net sou gutt kann. Fir en Instrument ze spille brauch et vill Fläiss an Éiergäiz, deen ech bis elo an och nach weider weise wäert.

Saxophon ass e ganzt flott Instrument.



GUITARE CÉDRIC THREINEN

Je joue de la guitare depuis 3 ans. Je joue de la guitare, car ma mère en faisait elle-même. C'est comme ça que je suis tombé sur l'idée de jouer de la guitare. La guitare est un instrument très simple à comprendre. Il est souvent composé de bois. C'est un Instrument qu'on peut emmener partout, il est léger et simple à déplacer. C'est un instrument que je recommande si on ne sait pas quoi jouer comme instrument.



GITTAR ELLIE URBANY

Moiien, ech sinn d'Ellie, 10 Joer. Am Ufank hunn ech net ëmmer Loscht ze spillen, awer wann ech bis am Gaange sinn, dann héieren ech déi flott Melodien a Kläng vu menger Gittar an déi kënnen wierklech jidderee motivéieren. Well am Laf vum leschte Joer huet ee vill Motivatioun gebraucht. Masken, Homeschooling, et war ustrengend. Oder d'Elteren hunn misse schaffen. Dat war net ëmmer einfach awer meng Gittar huet mir trotzdem Freed bruecht.



SCHLAGZEUG JO URBANY

Ich spiele Schlagzeug, weil man viele Rhythmen und Töne erzeugen kann. Nach den Übungen, darf ich meine eigenen Rhythmen spielen. So wie ich es fühle. Am liebsten spiele ich Rock-Rhythmen.

GITTAR

JEFF ALTMEISCH

Dat lescht Joer war bekannterweis fir kee ganz einfach, virun allem gouf och d'Musekswelt ganz staark vum Virus getraff. Keng Concerten, keng Prouwen a keng Coursen. Déi éischt Deeg huet een sech nach geduecht „oh, relax, lo kann een déi schwéier Exercicer mol op d'Säit leen, an dat ouni e schlecht Gewëssen ze hunn“.

Allerdéngs huet déi Musek-abstinenz ganz séier ugefaangen op d'Strémp ze goen, wat sech och doduerch gewisen huet dass vill Museker Corona-gerecht Videoen gemaach hunn, sou huet et dann awer erëm schnell an de Fanger gekribbelt d'Gittar an de Grapp ze huelen an de Verstärker op ze dréinen, wat méi haart, wat besser. No den éischte falschen Nouten, dréint ee jo bekanntlech vum selwen erëm méi lues.

Déi ganz grouss Motivatioun koom natierlech duerch den Tom, mäi Chargé. Enges Moies koom eng Mail, dass elo zu de gewinnten Zäiten online-Course wäerte sinn, déi natierlech en Präsenzcours net ersetze kennen, an awer war ech iwwert dëse Geste ganz frou. Mam Laptop, der Gittar a Sonnebrëll am Gaart nei Grëffer, Gammen an Tricker léieren, et gëtt Schlëmmeres. Dat war dann de standart Freiden Nomëtteg, op mannst mol bis d'grouss Vakanz.

Während dem Summer, konnte verschidde kleng Quartiersconcerten ofgehale ginn, déi richteg Spaass gemaach hunn mat der Klengbettener Musek ze spillen. Dobäi koumen dann nach deen een oder anere lëschtgen Owend mat Frënn, wou sech, zu spéider Stonn, haarden an deelweis schifem Gesang mat raue Gittarakkorde vum Billardsdësch duerch dat ganz Haus verdeelt hunn. Dee Moment huet nach kee vun engem Cuvre-feu geschwat.


Fest geklamert un der Hoffnung, dass geschwënn alles erëm méi „normal“ leeft, freeën ech mech weider hin op meng Coursen Freides Mëttes an dorop dass geschwënn erëm Concerten kënnen gespilt ginn, wou méi Léit no lauschteren, wéi nëmmen dem Noper säin Mupp.



KLASSESCH GITTAR

MAURICE FISCHBACH

Ech heesche Maurice Fischbach. Ech hunn 11 Joer, wunnen zu Stengefort an ech spille kllassesch Gittar. Ech hunn ugefaange Gittar ze spillen, well mäi Monni och Gittar spillt an ech dat ëmmer flott fonnt hunn. Ech spille gäre Gittar, well et mir Spaass mécht, an d'Zäit beim Gittar spille ganz schnell erëmgeet. Ech spille lo schon 3 Joer Gittar. Et huet mir schon ëmmer Spaass gemeet, mat deenen aneren op der Auditioun ze spillen, genau esou wéi am Schülerensemble vun der Stengeforter Schoul. Dat motivéiert mech, weiderzefueren an ech hoffen, dass mir erëm kënnen eng Kéier all zesumme spillen.



TROMBONN JEFF KAUFMANN

An dëser besonnescher an ongewësser Zäit huet mir d'Musek Ofwiesslung bruecht fir den Alldag, dee mir alleguerte während der Pandemie hunn.

Wann ech elo zrëck kucken op d'lescht Joer, da waren et besonnesch déi geselleg Momenter mat de Leit vun der Klengbettener Musek, déi gehollef hunn eng gewëssen Normalitéit an dat Ganzt eranzebréngen. Et waren natierlech vill manner där Momenter, mee dowéinst war een all Kéier och besonnesch frou fir all di Leit erëm kennen ze gesinn.



Musek léieren a maachen ass eppes Flottes. Ech hu gesinn, datt en och als Erwuessenen usech nach kann dermat ufänken. Et ass näischt Schwéieres, mee et brauch een natierlech schonn eng gewëssen Disziplin a Motivatioun. Mee wann et engem Spaass mécht, da geet dat souwisou vum selwen. E groussen Deel droen d'Chargé de Cours heizou bäi, déi immens engagéiert mat engem schaffen. Da mécht de Solfègekuer iwwert den Internet souguer Spaass.




Foto „Solfège-online“



TROMBONN CARINE DESORBAY-FAACK

Ech hunn am Mee 2020 decidéiert dass ech mat der Musek géif ufänken, am Alter vu 47 Joer. Ech hunn den Tuba, de Saxophon an d'Trombonn ausprobéiert an hu mech fir d'Trombonn entscheet. Am September hunn ech mam Solfège a mam Instrument ugefaangen. Dat reegelméissegt Prouwen, och heiheim, huet e bëssi vum Alldag ofgelenkt. Mat mengem Mann, deen och Trombonn spillt, hunn mir 2 ëfters gelaacht, virun allem wann meng Trombonn net richtig gespillt huet.



GUITARE CLASSIQUE MARINELLI ROBERTO

Parti de zéro à l'âge de 35ans je suis vraiment heureux de m'être dédié à la pratique d'un instrument... car mieux vaut tard que jamais.

Durant cette période de pandémie très difficile niveau vie sociale la guitare m'a aussi permis d'apprendre à m'offrir un instant rien qu'à moi.

La musique est libératrice, belle et enrichissante.

Et surtout un grand merci à mon prof de guitare Geoffrey Lejeune qui me rappelle toujours de ne rien précipiter et qui a toujours su m'encourager pour me garder motivé aussi dans les phases où je notais moins de progressions.

SAXOPHONE MAXIME BATISTA

Je m'appelle Maxime Batista, j'ai 14 ans et joue du saxophone. Je suis motivé de jouer avec mon instrument, car quand je vais au cours, c'est comme m'évader de la réalité quotidienne.



HAUTBOIS

ALESSIA MALENA

Ech spille säit ongeféier 3 Joer Hautbois.

Ech spille gären Hautbois well et mir immens Spaass mécht a well ech de Klang vum Instrument schéi fannen. Mir fällt et liicht Hautbois ze spillen an dofir üben ech gären. Ech ginn eemol an der Woch an de Cours.

Och a Corona-Zäite konnt ech mat der Madamm Françoise Bourgois iwwer Teams weider Prouwen, wat ganz flott war an ech och ouni Präsenzunterricht am Programm weider konnt kommen.

Et ass flott ëmmer nei Nouten ze léieren esou kann ech ëmmer méi nei Lidder spillen. Hoffentlech och geschwënn eng Kéier op enger Bün.



GITTAR

LUCA MALENA

Säit ongeféier 3 Joer spillen ech elo schonn Gittar. Ech hun mech fir dat Instrument entscheet, well et mir gefällt an et mir méi liicht fällt ewéi z.B. en Blosinstrument. D'Gittar huet 1 Virdeel, si brauch ni obgebaut ze ginn. Wann ee regelméisseg übt gëtt et ëmmer méi einfach. Mir mécht et Spaass all Woch 1 mol eng hallef Stonn an d'Pruf ze goen.



Svenja



Pft



Paul



Ben



Mike



Max



Davina



Tom



MUSIKER SINN AN DER PANDEMIE? CHALLENGE ACCEPTED!

Och bei eis 9 vun der Hunneg-Strépp, der Brassband vu Klengbetten, ass 2020 villes net esou gelaf, wéi mir et geplangt haten. Mat vollem Elan ware mir an d'neit Joer era gestart: Mir hunn den Aftermovie vun eisem grouse Concert „Hunneg-Strépp and Friends“ verëffentlecht, mir hu grouse Projete fir 2020 geplangt, mir waren zesummen op Bréissel fir e Concert kucken ze goen, hunn op Fuessamschdeg zu Bettenduerf um legendäre „Fräschbeal“ gespilt an dunn an dem Paul, eisem Sousaphonist, säi Gebuertsdag eragefeiert. Ufank Mäerz hu mir zu Mondorf um „Moselle Flavor“ nach e leschte Concert ginn an dunn kouw fir eis alleguer Mëtt Mäerz d'Noriicht: „Bleift doheem!“

All eis geplangte Concerten am Fréijoer an am Summer - eis Welttournee - goufe verluecht an dunn ofgesot, déi am Hierscht goufe scho guer net méi weider geplangt... an dobäi wier et e Joer ginn, gefëllt mat neien Highlights, neie Museksvideoen, nach méi Concerten a flotte Festivals! Mir hätte souvill Zäit an eisen Hobby investéiert wéi nach ni, hate vill Iddien an hu souguer méi Ufroe kritt, wéi mer konnten unhuelen.

All dat louch awer aus bekannte Grënn op Äis.

Op eemol hat jiddereen Zäit unni Enn, mee keen Hobby fir se dran z'investéieren. Dat hu mir awer net op eis sëtze gelooss, a mir hu versicht no Léisungen ze sichen: Kënne mir doheem prouwen? Jo, mee just eleng. Kënne mir eis gesinn, ëmmerhin si mir all gutt Kolleegen? Jo, iwwer Zoom, Teams, Skype a sou weider. Kënne mir zesumme prouwen, villäicht och iwwer Videokonferenz? Nee, iwwert Internet war et net méiglech synchron ze spillen...

An enger vun deenen onzielege Videokonferenze koum dunn eng Fro op: „Wéi wier et, wa mir dat alles zesumme kombinéiere géifen? Mir spillen eis Instrumenter eleng doheem, gesinn eis all puer Deeg online... Mir maachen einfach e Museksvideo doraus, a kënnen an engems de Leit dobaussen eng kleng Freed maachen!“ D'Iddi gouf diskutéiert, d'Aufgabe goufen opgedeelt an dat passend Lidd gouf erausgesicht: „High Hopes“ vu Panic! AtThe Disco, dat ganzt am Stil vun enger Videokonferenz, wéi wa mir wierklech matenee géifen telefonéieren. Den techneschen

Aspekt war fir eis e ganz neien: Mir hunn eis Stëmmen selwer doheem mam Handy opgeholl an un eisen Tountechniker geschéckt, deen eis a kuerzer Zäit eng top Tounspuer zréckgeschéckt huet. Dunn hu mir d'Videoen opgeholl, selwer editéiert a fir de leschte Schléff nach e puer Iwwerraschungen am Video verstoppt. An net méi wéi e puer Wochen hu mir schon den 31. Mäerz de Video op Facebook, Instagram a Youtube eropgelueden, mat engem grouse Succès! Mir krute vu ville Säite gesot, wéi flott et wier eis an enger Zäit, wou keng Concerte sinn, ze héieren. Eise Video gouf an de Wochen dono op verschidden digitale Festivallen a souguer op der Telé gewisen!

Am Mee sinn d'Mesuren no an no erëm méi locker ginn, a mir hunn dovu profitéiert erëm éischt kleng Concerten ze spillen. Dat ganzt fir déi Leit, déi ënnert de Mesuren am meeschten ze leiden haten: eis eeler MatbirgerInnen an den Alterssheemer, déi kee Kontakt méi no baussen an zu hire Familljen a Frënn haten. Dëse Leit eng Freed kënnen ze



maache war eis nach méi wichteg, wéi endlech erëm kënnen zesumme Musek ze maachen.

Dono hate mir och schonn dat nächst Zil virun Aen: en neie Video! Jo mir hate séier Blut geleckt. Dës Kéier wollte mir awer nach eng Schëpp drop leeën an hunn de Rapper Maz gefrot, fir bei eisem Hip-Hop Medley matzewierken. Laut de Mesuren hu mir dat ganzt awer misse mat 2 Meter Ofstand oder enger Mask organiséieren, an et sollt dobausse sinn. Mir hunn dorop hin dat alt Schluechthaus an der Stad erausgesicht, wou mir genuch Ofstand hale konnten. Och dës Video huet nach besser ageschloe wéi mir eis dat erhoffe konnten, an et huet sech nees gewisen: Konscht a Musek ass de Leit net egal!

Wéi d'Wieder besser ginn ass, sinn och d'Mesurë méi lücht ginn, an e Wee an d'Normalitéit huet sech no an no presentéiert: Mir konnten alleguer zesumme prouwen an hunn dat och dobaussen an eise Gäert gemaach. (Merci un all eis Noperen déi eis Prouwe mat Applaus verschéinert hunn!) Souguer "richteg" Concerte waren erëm méiglech! No engem Kiermesconcert zu Klengbetten hu mir och kënnen zu Esch an der Kulturfabrik, um Picadilly on Tour, zu Bartreng um Duerffest, zu Stengefort am Roudemer an zu Leideleng op der Kiermes spillen.

De Concert zu Stengefort, dee leschte Concert iwverhaapt am Centre Roudemer éier en ofgerappt gouf, war e ganz spezielle fir eis, well mir als Jonker vun der Harmonie Klengbetten hei onzieleg Stonne verbruecht hunn, Concerte gespilt hunn, sou wéi Festivals an Duerffester organiséiert hunn.

De Recht vum Summer hu mir dovu profitéiert, fir zesumme Kajak ze fueren, ze prouwen, ze grillen oder fir ee ganz produktive Proufweekend zu Veianen ze organiséieren. Hei sinn eng ganz Rei Geschichten entstanen, déi mir nach laang ziele wäerten! Mir soe just nuets schwamme goen, e Kéisécker klauen (an erëm zréckbréngen) oder um Piano mam ganze Café zesumme

sangen. E grouse Merci geet och un d'Ekipp vun der Schungfabrik zu Téiteng, wou mir während zwee Deeg un eiser Show an eisem Sound schaffe konnten. Hei ass souguer en neie live Video entstanen, deen op hire Kanäl ze gesinn ass.

Leider konnte mir mat eisem eigentleche Veräin, der Harmonie Klengbetten, keng Evenementer organiséieren. D'Oploen, déi de Virus a Schach hale sollen, si leider och ganz effikass géint d'Veräinsliwen, dat vum Austausch ënnereneen, de gemeinsam verbruechte Stonnen an dem zesumme musizéiere lieft. De Stellwäert vun der Kultur ass ëmmer nach e ganz onsécheren, an net nëmmen eise Veräin leid scho säit méi wéi engem Joer ënnert de Mesuren. Aus deem Grond si mir ëmsou méi frou, dass mir an de Summerméint zumindest zu 9 konnten vill ënnerhuele konnte. Fir esou en aussergewöhnlecht Joer hu mir erstaunlech vill op d'Bee gestallt a waren den Ëmstänn entspreichend immens aktiv!

Mee mat den nees méi strenge Mesurë am Hierscht/Wanter war viles net méi méiglech. Concerte konnten net méi stattfannen, suguer Prouwen zu méi wéi 4 Persoune si verbueden. Dofir hu mir eis ab Oktober erëm drop konzentréiert, nei a méi usprochsvoll Stécker ze schreiwen an se a klenge Gruppen ze prouwen. Déi eng oder aner Iwwerraschung fir dëst Joer ass scho geplangt a soubal et méiglech ass, hu mir eng Rei Concertsoptiounen opstoen. Mir sinn also voller Elan a si prett mat néier Musek fir dëst Joer hoffentlech erëm fir iech all kënnen ze spillen!

Bis (hoffentlech) geschwënn!

Är Hunneg-Strëpp

www.hunneg-strepp.lu

Fotoen vum Benji Ewerling a Jeff Karier



RÉTROSPECTIVE HUNNEG-STRËPP



RÉTROSPECTIVE HARMONIE KLEINBETTINGEN



RÉTROSPECTIVE STENGEFORTER MUSEK



PÉCKVILLERCHER

Mir sinn e Kanner- a Jugendchouer, woubäi et déi lescht Joren virun allem Kanner sinn, déi zesumme sängen. D'Kanner däerfen ab 5 Joer bei eis ufänken, no uewe gëtt et eigentlech keng Altersgrenz.

Gegrënnt gouf de Veräin offiziell am November 1974 ënnert dem Impuls vun e puer Léierpersounen, déi domat d'Kanner an engem geuerdnete Kader un de Gesang eruféiere wollten. Kanner hunn och schonn virdrun ënnert der Leedung vun der deemoleger Dirigentin vun der Chorale Ste Cécile Hoen-Klengbetten zesumme gesungen. Sënn war et fir Nowuess fir d'Chorale Ste Cécile Hoen-Klengbitten erunzebilden, mä de Veräin huet dank dem Engagement vun senger Presidentin an dem deemolege Dirigent, séier eng Egedynamik un den Dag geluecht. D'Péckvillercher hunn sech zu engem aktive Veräin entwéckelt a goufen zu engem Acteur aus dem kulturelle Liewen an der Gemeng.

Haut steet de Kannerchouer ënnert der Direktioun vum Pia Elvinger, enger engagéierter Dirigentin, déi et versteet d'Kanner fir de Gesang ze begeeschten. Zu den Aktivitéite vum Kannerchouer ziele Concerten, op hirer eegener Bün oder awer als Gast bei engem anere Veräin, um Chrëschtmaart zu Stengefort oder um Summerfest am HIS, Ouschtereëer fierwen a verkafen, d'Niklosfeier vun der Gemeng mat Gesang verschéieren, d'Familljemëtten op Hellegowend zu Stengefort sängen, op der Hoener Kiermes den Hämmelsmarsch duerch d'Stroosse vun Hoen sange goen.



Kanner- a Jugendchouer
Péckvillercher
Hoen-Klengbetten

D'PÉCKVILLERCHER VIRUN DER PANDEMIE



Leider konnte mir wéinst der Covid-19 Pandemie net méi ab Mëtt Mäerz 2020 prouwen, och eis traditionell Aktivitéiten hu mir misse roue loossen. D'Pia, eis Dirigentin, kann et net erwaarden, fir erëm mat de Prouwe lasszeleeën. Esoubal dat nees méiglech ass, wäerte mir dat public maachen. Déi interesséiert Kanner kënnen sech awer och schonn am Virfeld bei eisem Kontakt mellen, dass mir lech d'Informatioun iwwert d'Ophuele vun eisen Aktivitéiten um direkte Wee kënnen matdeelen.

Als Belounung fir hiren Asaz an hir Ausdauer, offréiere mir de Kanner en Ausfluch oder gi mat hinnen e Concert lauschteren oder e Musical kucken.

Geprouft gëtt all Samsdes Moies ausserhalb vun de Schoulvakanzan am Parsall zu Kleng-betten (36, rue de Hagen).

Kontakt: Nicole Kirsch-Winandy ☎ 39 89 89 / 621 133 989

Traditionell Aktivitéiten :

Ouschtereëerfierwen a Verkaf an der Gemeng

Concert am Fréijoer

Okt: Hämmelsmarsch zu Hoen

Niklosfeier vun der Stengefort Gemeng

Concert um Chrëschtmaart zu Stengefort

24/12: Familljemëtten zu Stengefort an der Kierch

D'HARMONIE KLENGBETTEN

D'Klengbettener Musek ass am Joer 1894 gegrënnt ginn, a konnt deemno virun 2 Joer hiren 125. Anniversaire feieren.

Si besteet haut aus 45 aktive Musekanten a gëtt zënter 2001 vum Rob Köller dirigéiert.

De Repertoire dee gespillt gëtt läit virun allem am Beräich vu moderner Musek - Rock, Pop, Swing, asw. Fir besonnesch Uläss gëtt de Programm natierlech adaptéiert.

D'Harmonie Klengbetten ass bei ville Manifestatiounen an eiser Gemeng derbäi, wéi d'Kiermes zu Klengbetten, Nationalfeierdag, Commemorationsdag, d'Niklosfeier an um Chrëschtmaart.

D'Musek spillt all Joer am Fréijoer Theater, organiséiert den Dag um Weier zu Stengefort a spillt am November hire Gala-Concert, deem all Joer ënnert engem aneren Thema steet. Doniewent spillt d'Klengbettener Musek iwwert d'Joer eng Rei aner Concerten.

An der Corona-Zäit huet d'Klengbettener Musek awer hir Aktivitéite misse staark reduzéieren. Den traditionellen Hämelsmarsch gouf ënner Anhale vun de sanitäre Moosname



gespillt. Concerten si just nach am Fräie gespillt ginn, an dat a Form vu Quartiers-Concerten op verschiddene Plazen zu Klengbetten an zu Hoen.

An normalen Zäite sinn d'Museksprouwe fir de Schülerensemble a fir déi grouss Musek all Freideg. E puer vun de jonke Musekanten hunn viru 4 Joer eng eege Formatioun gegrënnt ënnert dem Numm „Hunneg-Strépp“, déi mat vill Succès op gréissere Manifestatiounen fir gutt Stëmmung suergt.

Kontakt: Kaufmann Nico, President

✉ info@hklb.lu

🌐 www.hklb.lu

 **HARMONIE
KLENGBETTEN**

D'STENGEFORTER MUSEK

D'Stengeforter Musek gouf 1910 gegrënnt. Ronn 40 Musikante spillen ënnert der Direktioun vum Laurent Bauvin, engem a Musekskreesser beschtkannten Trompettist.

D'Musek ass bei ville lokale Manifestatiounen a Fester, wéi zum Beispill 1. Mee Feier, Kommunioun, Nationalfeierdag, Kiermes, Journée Commémorative, Pressiounen a Chrëschtmaart, dobäi.

E puer Mol am Joer gëtt d'Stengeforter och fir Concerte vun anere Musekgesellschaften vu Lëtzebuerg an aus dem noen Ausland invitéiert.

Ausser a Coronazäiten organiséiert d'Stengeforter Musek all Joer hire Galaconcert, de „Rendez-vous des Fripiers“, de Summerconcert an ass Matorganisateur vun der Kiermes a vum Chrëschtmaart.

2020 war scho katastrofal. 2021 annoncéiert sech nach schlëmmer. Bis elo konnte mir nach näischt organiséieren, mol nach net emol plangen. Ons ganz Aktivitéit hänkt an der Schwief. Momentan si mir mat eise Prouwen an enger Zwangspaus a mir wëssen net wéini mir erëm kënnen ufänken. Am Prinzip gëtt Donneschdes um 19:30 Auer zu Stengefort am Musekssall, Klengbettenerstrooss 20 geprouft.

Spillt Dir Musek ? Hutt Dir fréier Musek gespillt a wëllt erëm domat ufänken ? Da mellt lech w. e. g. op eiser E-Mail-Adress. Mir freeën äis iwwer all Museker deem eis Reie verstärke



wëll. Mir sichen och ëmmer Fräiwëlleger déi bei äis am Comité matschaffe wëllen oder äis bei eise Manifestatiounen hëllef wëllen.

Avis aux amateurs ! Mir soen lech Bescheed wann et erëm lass geet.



Kontakt: Linster Roland, Sekretär

✉ stengefortermusek@gmail.com

ÉCOLE DE MUSIQUE DE L'UGDA

Commune de Steinfort



Enseignement musical

des divisions inférieures et moyennes

Année scolaire 2021/2022

Cours de musique correspondant à l'enseignement musical de la division inférieure et moyenne, telles qu'elles sont définies par la loi du 28 avril 1998, portant harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal, destinés aux enfants et aux adultes de la commune.

Organisé en collaboration avec les sociétés de musique de Kleinbettingen et de Steinfort



DETAILS DES COURS

ÉVEIL MUSICAL / FORMATION MUSICALE (solfège)	- Eveil musical 2 (1 h/semaine) - Eveil musical 3 (1 h/semaine)	le vendredi de 16:00 à 17:00 le vendredi de 17:00 à 18:00
	- 1 ^{ère} année (1h/ semaine) - 2 ^e année (1,5h/semaine) - 3 ^e année (2h/semaine) - 4 ^e année (2h/semaine)	le samedi de 13:00 à 14:00 le samedi de 14:00 à 15:30 le samedi de 08:30 à 10:30 le samedi de 10:30 à 12:30
	Les cours seront organisés à l'École Primaire à Steinfort.	
	Conditions d'admission - Eveil musical (2 + 3): Cycle 1.2 (5 ans au 31.08) / cycle 2.1 de l'École Fondamentale - 1 ^{ère} année: à partir du cycle 2.2 de l'École Fondamentale	
	- 4 ^e année renforcée (1h / semaine) * - 5 ^e année - Moyen 1 (2h / semaine) * - 6 ^e année - Moyen 2 (2h / semaine) * - Solfège adulte 1 ^{ère} et 2 ^e année (1,5h / semaine) * - Solfège adulte 3 ^e année (2h / semaine) * - Solfège adulte 4 ^e année (2h / semaine) *	à Bertrange, Kehlen et Mamer le mercredi de 18:00 à 20:00 à Kehlen le vendredi de 17:30 à 19:30 à Kehlen le jeudi de 19:00 à 20:30 à Bertrange le jeudi de 19:00 à 21:00 à Bertrange le mercredi de 19:00 à 21:00 à Bertrange
1 ^e et 2 ^e , 3 ^e et 4 ^e année adulte = à partir de 15 ans.		

PRATIQUE COLLECTIVE VOCALE / FORMATION VOCALE	Chant individuel (30 min / semaine, avancés : (45 à 60 min / semaine)	Horaires et lieu à fixer
	Chant moderne ("Chant Musical")	Voir offre régionale
	Conditions d'admission - Chant individuel: À partir de 15 ans pour femmes et hommes. - Avoir accompli une année de solfège ou exceptionnellement sur recommandation de la direction de l'École.	
Note La fréquentation des cours de solfège jusqu'à la 4 ^e année (Certificat de la division inférieure) est obligatoire pour poursuivre la formation vocale.		

FORMATION INSTRUMENTALE Cours de 20 à 30 min / semaine (avancés : 45 à 60 min / semaine)	Bois	flûte traversière, hautbois, clarinette, saxophone (soprano, alto, ténor, baryton)
	Cuivres	trompette/bugle/cornet, cor en fa, cor / alto mib, baryton, tuba, trombone,
	Percussion	basse mib/sib percussion classique, drum set (après le diplôme du 1 ^{er} cycle en percussion)
	Piano	Cours limité à 14 jeunes de préférence âgés de moins de 19 ans. Les places sont limitées: priorité est donnée aux élèves résidents et aux élèves figurant sur la liste d'attente 2020/2021 et il sera également tenu compte de la date d'inscription.
	Conditions d'admission Vents / percussion: Avoir accompli les deux ans d'éveil musical ou une année de solfège ou exceptionnellement sur recommandation du chargé de cours/test d'admission Piano: Avoir accompli avec succès la 1 ^{ère} année de solfège avec une moyenne de 45 , avoir un piano mécanique à domicile. Guitare classique: Avoir accompli avec succès la 1 ^{ère} année de solfège, avoir une guitare à domicile Guitare électrique/ Guitare Basse: Avoir accompli avec succès la 4 ^e année de solfège (diplôme de la 1 ^{ère} mention)	
Note La fréquentation des cours de solfège jusqu'à la 4 ^e année (Certificat de la division inférieure) est obligatoire pour poursuivre la formation instrumentale.		
Division moyenne (45 à 60 min / semaine): Conditions d'admission Avoir obtenu le diplôme de la 1 ^{ère} mention à l'instrument et en solfège - Suivre le cours de solfège jusqu'à la 6 ^e année (diplôme de la division moyenne)		

PRATIQUE COLLECTIVE INSTRUMENTALE (Formation d'ensemble) Cours de 30 à 60 minutes / semaine (selon le nombre d'inscrits)	Musique de chambre: Instruments admis : vents et percussion Cours donné à un groupe de 3 à 8 élèves (sauf pour le piano à 4 mains)
	Conditions d'admission avoir obtenu le certificat de la 2e mention à l'instrument (ou exceptionnellement sur recommandation du chargé de cours et en accord avec la direction de l'Ecole). pour les claviers et les cordes, il faut avoir obtenu le diplôme de la 1ère mention à l'instrument.

LIEUX ET HORAIRES DES COURS

Les horaires des cours individuels seront fixés en concertation avec les chargés de cours avant la rentrée scolaire. La rentrée scolaire aura lieu le **15 septembre 2021**.

DROITS D'INSCRIPTION

Éveil musical:	25 €
Formation musicale: 1 ^{ère} année Formation musicale: 4 ^e année renforcée	50 €
Formation musicale: 2 ^e année	100 € / 75 € si actif *
Formation musicale: 3 ^e année à 6 ^e année	150 € / 75 € si actif *
Formation instrumentale:	150 € / 75 € si actif *
Formation instrumentale: Piano	Débutants 30 min/semaine: 200 € / Avancés 45 à 60 min/semaine: 300 €
Chant individuel:	75 €

* actif = Si l'élève inscrit participe activement à la vie culturelle d'une des sociétés de musique ou d'une des chorales (enfantine ou adulte) de la Commune de Steinfort.

Aide étatique (pour subvenir au minerval de l'enseignement musical): Vous trouverez toutes les conditions et modalités sur notre site: <https://www.ugda.lu/fr/ecole-de-musique/enseignement-musical/aide-etatique>.

RENSEIGNEMENTS

Responsable locale:
Madame THILL Danielle,
Téléphone: 39 51 60 après 16h00
E-mail: danieth@pt.lu

Commune de Steinfort
Madame PIERRAT Natascha
Téléphone: 39 93 13 - 213
E-mail: natascha.pierrat@steinfort.lu

Date limite des inscriptions: Mardi, 15 juin 2021



Toute inscription doit obligatoirement se faire moyennant ce présent formulaire (ou une photocopie), dûment rempli, signé et envoyé ou remis au complet (2 pages) à l'Administration Communale de résidence ou au responsable local concerné.

Les inscriptions nous parvenant après cette date ne peuvent être acceptées que sur le vu des places disponibles et seront mises automatiquement sur une liste d'attente.

**Ee Formulaire fir online auszefëllen fannt dir op www.steinfort.lu .
Un formulaire remplissable en ligne est téléchargeable sur www.steinfort.lu .**

Fiche d'inscription 2021/2022

Les formulaires d'inscriptions sont à envoyer pour le 15 juin 2021 à l'adresse suivante:

Administration communale de Steinfort, B.P. 42 | L-8401 Steinfort

La fiche est à remplir également par les anciens élèves!

Nom de l'élève										Prénom de l'élève									
Lieu et date de naissance																			
Matricule national																			
E-Mail élève (@school.lu)																			

<i>Le (la) soussigné(e)</i>	
Nom et prénom (parents/tuteurs)	
Rue et numéro	
Code postal et localité	
Téléphone et/ou GSM	
E-Mail	
désire inscrire mon fils <input type="checkbox"/>	ma fille <input type="checkbox"/>
désire s'inscrire <input type="checkbox"/>	ancien élève <input type="checkbox"/>
	nouvel élève <input type="checkbox"/>
Membre actif dans la société :	

aux cours de musique suivants

Eveil musical	2 ^e année à partir du cycle 1.2 (5 ans au 31/08) de l'Ecole Fondamentale <input type="checkbox"/>	3 ^e année à partir du cycle 2.1 (6 ans au 31/08) de l'Ecole Fondamentale <input type="checkbox"/>
	1 ^{ère} année à partir du cycle 2.2 (7 ans au 31/08) de l'Ecole Fondamentale <input type="checkbox"/>	2 ^e année <input type="checkbox"/>
Formation musicale (solfège)	3 ^e année <input type="checkbox"/>	4 ^e année (1 ^{ère} mention) <input type="checkbox"/> 4 ^e année renforcée* <input type="checkbox"/>
	5 ^e année (Moyen 1) * <input type="checkbox"/>	6 ^e année (Moyen 2) * <input type="checkbox"/>
	1 ^{ère} et 2 ^e année adulte* <input type="checkbox"/> 3 ^e année adulte* <input type="checkbox"/>	4 ^e année adulte* <input type="checkbox"/>
	Formation instrumentale	
Pratique collective instrumentale		
Pratique collective vocale / Formation vocale	Instrument: Musique de chambre - Instrument:	
	Chant individuel <input type="checkbox"/>	Chant moderne ("Chant Musical") * <input type="checkbox"/>
Chant choral pour enfants/jeunes <input type="checkbox"/>		

Si l'élève a déjà suivi des cours de musique dans une autre école, indiquez-la et joignez-y les attestations respectives.

École / Conservatoire :	
Années d'études	Éveil musical :
	Formation musicale (Solfège) :
	Instrument (préciser) :
Remarque éventuelle	

L'École de musique de l'UGDA traite les données personnelles recueillies dans le cadre de ses activités en toute confidentialité et d'une manière sécurisée conformément aux dispositions du Règlement Général sur la Protection des Données 2016/679 du 27 Avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel.

L'École de musique de l'UGDA se réserve le droit de prendre des photos ou bien de filmer pendant les activités et cours organisés par l'École de musique de l'UGDA et d'utiliser ce matériel audiovisuel dans le cadre de ses publications et pendant ses manifestations. Ne seront prises que des images de groupes. Les images prises ne seront ni vendues ni mises à disposition de tiers.

Au cours d'une même année, un élève ne peut s'inscrire simultanément, dans un ou plusieurs établissements, dans une même branche (extrait du règlement grand-ducal du 10 avril 2021).

J'ai pris connaissance des conditions d'inscription, des droits d'inscription (non remboursables), mentionnés dans la présente publication, et les approuve.

Acceptez-vous de recevoir des informations sur les activités organisées par l'École de musique de l'UGDA et l'UGDA (activités de formation et de perfectionnement, stages, concours, auditions/ concerts...)	Oui <input type="checkbox"/>	Non <input type="checkbox"/>
--	------------------------------	------------------------------

Date et signature (pour les mineurs, signature du tuteur).



Digital Instrumentevirstellungen vun der Museksschoul vun der UGDA!

Opgrond vun der aktueller sanitärer Situatioun hunn mir ons Alternativen afafe ge-
looss fir ons Instrumenter awer kënnen virzestellen:

Ons Videoen op Youtube
aus dem Joer 2020!



"Flou am Ouer" de Podcast vun der
UGDA Museksschoul (2021)!



ÉCOLE DE MUSIQUE

DE L'UGDA

des divisions inférieures et moyennes

Année scolaire 2021/2022

La musique – un moyen d'expression et de communication par excellence et intergénérationnel

Chers parents, chers élèves,

Encore une année passée sous le signe de la pandémie liée à la Covid-19 et à des restrictions sanitaires difficiles mais indispensables pour permettre à nos élèves de poursuivre leur apprentissage, mais aussi de se donner du plaisir ainsi qu'à leur entourage. Nous avons pu maintenir en grande partie les cours en présentiel excepté les cours d'ensembles et notre reconnaissance va à tous les élèves, leurs familles, au corps enseignant, aux responsables locaux et les communes qui ont œuvré sans relâche et franchi bien des obstacles.

L'École de Musique régionale "Museksschoul Westen", dans laquelle sont réunies les communes de Bertrange, Garnich, Habscht, Kehlen, Koerich, Kopstal, Leudelange, Mamer, Steinfort et Strassen, a compté pour l'année scolaire 2020/2021 1884 élèves suivant quelque 2831 cours. La Commune de Bertrange assure le rôle de commune coordinatrice pour le volet administratif et conventionnel en collaboration avec l'École de musique de l'UGDA. Les inscriptions des élèves se font dans la commune de résidence de l'élève, tout comme le paiement des frais d'inscription. N'hésitez pas à contacter le responsable local qui est l'interlocuteur et le coordinateur des cours sur le plan local.

2021/2022 constituera sans doute un retour progressif à la normalité et espérons que nos auditions et concerts – qui sont le moyen par excellence de toucher toutes les générations – pourront reprendre et attirer un public averti et enthousiaste.

Paul Scholer
Directeur



Commune de BERTRANGE



Commune de Garnich



GEMENG HABSCHT





Cours organisés sur le plan régional:

(Inscription dans la Commune de résidence! Sous réserve de légères modifications)

FORMATION MUSICALE (Solfège)		HORAIRES ET LIEUX DES COURS
4 ^e année renforcée (division inférieure / 1h par semaine) *	Suivre le cours de Formation musicale, 4 ^e année	le lundi de 18h00 à 19h00 à Bertrange et Kehlen, le mercredi de 16h30 à 17h30 à Mamer
5 ^e année (division moyenne / 2h par semaine) (Moyen 1)	Avoir réussi l'année précédente avec 36 points	le mercredi de 18h00 à 20h00 à Kehlen le samedi de 11h00 à 13h00 à Bertrange
6 ^e année (division moyenne / 2h par semaine) (Moyen 2)	Avoir réussi l'année précédente	le vendredi de 17h30 à 19h30 à Kehlen le samedi de 8h45 à 10h45 à Bertrange
Formation musicale adultes, 1 ^{ère} et 2 ^e année (1h30 par semaine)	Avoir au moins 15 ans	le jeudi de 19h00 à 20h30 Bertrange
Formation musicale adultes, 3 ^e année (2h par semaine)	Avoir au moins 15 ans	le jeudi de 19h00 à 21h00 à Bertrange
Formation musicale adultes, 4 ^e année (2h par semaine)	Avoir au moins 15 ans	le mercredi de 19h00 à 21h00 à Bertrange
Formation musicale, 1 ^{ère} année (1h00) en anglais et français	Cycle 2.2 de l'Ecole Fondamentale	le jeudi de 14h00 à 15h00 à Mamer
Formation musicale, 2 ^e année (1h30) en anglais et français	Avoir réussi l'année précédente	le jeudi de 15h00 à 16h30 à Mamer
Formation musicale, 3 ^e année (2h00) en anglais et français	Avoir réussi l'année précédente	le vendredi de 16h30 à 18h30 à Mamer
Formation musicale, 4 ^e année (2h00) en anglais et français	Avoir réussi l'année précédente	le jeudi de 14h15 à 16h15 à Strassen le jeudi de 16h15 à 18h15 à Strassen
FORMATION INSTRUMENTALE / VOCALE / CHORALE (cours de 20 à 60 min/semaine)		LIEUX DES COURS
Piano		Bertrange, Habscht, Kehlen, Koerich, Kopstal, Leudelange, Mamer, Steinfort et Strassen
Guitare classique		Bertrange, Habscht, Kehlen, Koerich, Kopstal, Leudelange, Mamer, Steinfort et Strassen
Chant individuel		Bertrange, Kehlen, Mamer, Steinfort et Strassen
Pratique collective vocale (Chant choral pour enfants)		Hobscheid: Samedi de 10h00 à 11h00 et de 11h00 à 12h00 Kehlen: Vendredi de 17h30 à 18h30 Bertrange: Vendredi à partir de 16h00
Pratique collective vocale (Chant choral pour adultes)		Bertrange
Chant moderne ("Chant Musical")		Mamer
PRATIQUE COLLECTIVE INSTRUMENTALE (FORMATION D'ENSEMBLE) (cours de 30 à 90 min/semaine)		LIEUX DES COURS
Pratique collective instrumentale - Musique de chambre		Sur le plan régional suivant les inscriptions
Combo		Mamer
Ensemble de percussion		Bertrange et Kehlen

(*) Condition obligatoire pour l'admission en division moyenne spécialisée au conservatoire



Projet pilote - Chant moderne ("Chant Musical")

Conditions

- pour jeunes, à partir de 15 ans pour les femmes et hommes (ayant mué) jusqu'à 30 ans.
- avoir accompli au moins la 4^e année de formation musicale (1^{ère} mention) ou sur test d'admission
- une formation préalable en chant classique ou à l'instrument (diplôme du 1^{er} cycle) ou en formation chorale peuvent constituer un avantage

Détails

Cours individuels de 30 min à 60 min par semaine et un projet pédagogique obligatoire à suivre au cours de l'année scolaire.

Jour du cours

à déterminer

Titulaires du cours

Fernand Delosch

Classe limitée à 12 élèves.

Droits d'inscription (comme chant individuel)

Inscription dans la Commune de résidence !

Informations

École de musique de l'UGDA • tél.: 22 05 58-1
www.ugda.lu/ecole-de-musique



“Chant choral pour adultes”

École de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe
En collaboration avec l'INECC

Cours de 1,5 heures sur 18 semaines (1 période) ou sur 36 semaines (2 périodes).

Possibilité de s'inscrire à une ou deux périodes, les deux périodes sont indépendantes l'une de l'autre.

Possibilité de s'inscrire aux cours ci-après

Période 1: 18 cours du soir de 1,5 heures/semaine
-> du 15 septembre 2021 au 12 février 2022;

Période 2: 18 cours du soir de 1,5 heures/semaine
-> du 21 février au 15 juillet 2022;

Personnes concernées

Jeunes et adultes à partir de 15 ans, cours accessibles aux résidents de toutes les communes luxembourgeoises.

Prestation finale en fin de période.

Intervenant

Madame Sabine Walch

Droits d'inscription

75 € par période, à payer avant le début des cours sur le compte BCEELULL IBAN LU59 0019 5603 7800 7000 de l'École de musique de l'UGDA.

Inscriptions et informations

École de musique de l'UGDA • Tél.: 22 05 58-1
www.ugda.lu/ecole-de-musique (rubrique Stages)

Vous aimez chanter, vous souhaitez faire former votre voix, découvrir le chant d'ensemble, vous former musicalement et progresser dans votre pratique vocale.

Alors inscrivez-vous au “Chant choral pour adultes”.





www.steinfort.lu/news

INSTRUMENTEPRESENTATIOUEN

Well d'Gemeng selwer keng Instrumentepresentatioun maache kann, kënt dir d'Virstellung vum den Instrumenter a Videoformat op Youtube an um Site vun der Gemeng Stengefort fannen.

YOUTUBE :



Commune de Steinfort
www.steinfort.lu

Édité par l'Administration communale de Steinfort | Service des Relations Publiques

B.P.42 | L-8401 Steinfort
Tel: 399 313-214/215 | service-pr@steinfort.lu

Imprimerie Heintz Pétange
Papier Balance Pure 100% recyclé

